



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 05/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

An der Chamberssëtzung vum 2. Juli 2019 hat ech dem Här Landwirtschaftsminister eng Réi Froe gestallt iwwert d'Déierentransporter tëscht Lëtzebuerg an Drëttstaaten ausserhalb vun der EU. A senger Äntwert huet hien drop verwisen, dass d'Regierung Déierentransporter zouléisst, ënnert der Konditioun, dass d'Reegele vun der europäescher Legislatioun agehale ginn.

An deem Zesummenhang wëilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- 1. Mat wéi enge legale Mëttele wëll Lëtzebuerg Déierentransporter, déi Lëtzebuerg scho verlooss hunn, kontrolléieren? Wéi eng Garantien huet de Minister, dass d'Déiereschutzreglement 1/2005 an aneren Deeler vun der Europäescher Unioun mat der selwechter Rigueur agehale gëtt?
- 2. Kéint de Minister d'Unzuel vun Importer an Exporter tëscht Lëtzebuerg mat Länner ausserhalb vum europäesche Wirtschaftsraum (EEA) opléschten, déi säit 2013 duerchgefouert goufen?
- 3. A senger Äntwert an der Chamber hat de Landwirtschaftsminister vun 200 Ränner geschwat, déi an de Libanon exportéiert gi sinn. Aus wéi enge Grënn gouf dësen Export autoriséiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu